Coupe Patrick Riehl

Haut Samschdes den 12.Mäerz 2016 huet zu Lamadelaine op de Fëschweiere beim Joé, déi drëtt Oplag vun der Coupe Patrick Riehl stattfonnt. Et haten sech erëm 18 Méckenfëscher vum Fly Fishing Club Lëtzebuerg getraff fir zesummen ee flotten Dag beim Fëschen am Gedenken un eise vill ze fréi verstuerwene Fëscherfrënn, de Patrick Riehl, ze verbréngen.

Mir haten eis also bei wonnerschéinem Fréijorswieder afonnt fir an Equipë vun all Kéiers zwee Fëscher dës Coupe auszefëschen. Nodeems d´Stänn opgeriicht woren haten d´Fëscher sech beim Joé am Bistro bei enger gudder Taass Kaffi ageschriwwen a wei se Alleguerten agetraff woren, sinn och direkt d´Equipë geloust ginn. Dëst ass ëmmer schonn eng spannend Saach an den Tirage hat dann och direkt zwee vun de beschte Kongkursfëscher, de Marc an de Misch zesumme geloust wat schonn eng grouss Erausfuerderung sollt gi fir déi aner Fëscher. Mee och Gëwennerequipe vum Frëndschaftsfëschen am virege Joer, de Patrick an de Jemp, haten erëm zesummenfond a wann ee weess dass de Patrick bis elo nach all Kéiers an der Gëwenneréquipe wor, da konnt een sech scho vu vireran ausmolen dass ee spannende Mätsch géif ustoën. Och déi aner Fëscher haten sech séier an Equipen erëmfond an et konnt ee gespaant si wei eis Junioren, de Luca an de Joé, sech géife schloen. Schnell ass sech fäerdeg gemeet ginn an dunn ass et och scho lass gaangen. Et wor virgesin dass Moies zwou Manche vun enger Stonn a Mëttes dräi deier Manche géife gefëscht ginn. Der Tëschent wor Mëttegpaus wou mir eis bei Ham, Fritten an Zalot stäerke wollten.

Mir hate wei all Joers een Untréttsgeld vun 20 € gefrot, d´Souë sinn awer integral an de Besatz vum Weiher investéiert ginn, Donneschdes schonn wore Forellen aus dem Ourdall besat ginn an der Hoffnung dass Dës sech iwwert déi ganz Weiere géife verdeelen, leider ewéi esou oft bei Besaatzmoosnamen loungen d´Fësch zimlech op enger Plaz an domadder natierlech déi Equipen am Virdeel woren déi dës Plazen zougeloust kritt haten.

De Patrick Scheid an de Luca hunn mat honnert à l´heure lass geluecht woubäi et dem Patrick méi spéid am Mëtte sollt vergonnt sinn och de Fësch vum Dag, eng Reebouforell vu 70 cm, ze fänken. Mee och den Patrick Bartholmé an de Jemp woren net gewëllt, mir Näischt dir Näischt, hir Coupe hir ze ginn. De Mätsch tëschent deenen zwou Equipë sollt dann och bis zum Schluss ganz spannend bleiwen a mat engem ganz knappe Resultat ausgoen.

Och all déi aner Equippen hunn sech gutt drun ginn esou dass am Ganzen 131 Fësch gefaange gi woren an zeguer ee puer kléng Hiechte woren erëm dobäi. Den Albert hat och schonn emei ee stattlechen Hiecht drun mee hat Dësen awer leider am Drill verluer. Nodeems awer hei an do gegrommelt gi wor mam dréie vun de Plaze musse mir da probéieren dat nächst Joer et besser ze maachen och wann Variante beim Wiesselen dach staark limitéiert sinn. Och wëlle mir dat nächst Joer d Gréisst vun de Stänn vun vireran definéiere fir dass och hei kéng Onstëmmegkeeten opkomme sollen och wann een awer soe muss dass et och dës Kéier erëm ganz am Sënn vun engem Frëndschaftsfëschen ofgelaf ass.

Natierlech, wei kéint et och aneschters sinn, hate mir och dëst Joer dofir gesuergt dass kee vun de Fëscher huet missen Honger leiden an dëst Joer hat de Joé an deem Moos opgedëscht dass zeguer Ham Rescht bliwwe wor. Och fir déi gutt Taarte wor beim beschte Wëllen nom Mëttegiesse kéng Plaz méi mee dofir hunn mir dat bei der Präisiwwerreechung nogeholl. Nei wor och dëst Joer dass och fir déi zweeten an déi drëtte Plaz ee Präis organiséiert gi wor. Eise President de Jeek an de Sekretär den Erny haten eis och dëst Joer net am Stach gelooss an de Jeek huet sech et och dëst Joer net huele gelooss de Gewënner ze felicitéieren an hinnen d´Coupe Patrick Riehl feierlech ze iwwerreechen.

CS 0998

Ofschléissend hei nach d´Schlussresultat

Equipe Bartholmé / Hoffmann	Gewënner mat 30 Fësch
Equipe Scheid / Lepage	Zweet mat 28 Fësch
Equipe Garca / Bartholmé	Drëtt mat 14 Fësch
Equipe Bertrand / Muno	Véiert mat 13 Fësch
Equipe Nicolas / Thoma	Fënneft mat 12 Fësch
Equipe Duton / Asani	Fënneft mat 12 Fësch
Equipe Gilson / Buso	Siewend mat 11 Fësch
Equipe Pierrot / Schaack	Acht mat 6 Fësch
Equipe Paulus / Bettendorf	Néngt mat fënnef Fësch

d´Gewënneregquippe 2016 de Patrick Bartholmé an de Jemp Hoffmann

déi zweet Placéiert de Patrick Scheid an de Luca Lepage

déi drëtt Placéiert de Bartholmé Joé an de Garca Roger

Ofschléissend wëlle mir ausdrécklech ernimmen dass de Patrick Bartholmé d´Coupe Patrick Riehl dräi Mol hannertenee gewonnen huet dovunner zwee Mol zesumme mat sengem Equipier de Jemp Hoffmann esou dass Hien am Fong geholl d´Coupe elo hale kéint, Hien huet awer direkt ouni ze zécken d´Coupe och d´nächst Joer erëm an d´Course geschéckt esou dass och am nächste Joer der Ausféierung vun eisem Frëndschaftsfëschen Näischt am Weë steet. Mir haten Haut erëm wei schonn an der Vergaangenheet ee richteg flotte Dag bei beschten Fréijors Wieder erwëscht a konnten zesummen ee flott Fëschen beim Waasser erliewen. Un Fudder huet et eis och net gefeelt an duuschtereg an och Keen Heem gaangen. Elo freeë mir eis schonn op den nächste Freide wou déi 19. uerdentlech Generalversammlung vun eisem Fëscherclub usteet. Ech bräicht et villäicht net ze ernimmen dass mir dëst Joer am Februar 20 Joer Fly Fishing Club feiere konnten, mee ech hoffen an deem Bewosstsinn dass méiglechst vill Memberen de Weë bei de Joe fanne wäerte wou mir da ganz houfreg op déi laang Komerodschaft déi eis zesumme gefouert huet, hoffentlech eng harmonesch Generalversammlung ofhale kënnen. Den Dag no eiser Generalversammlung fuere mir dann och erëm traditioneller Weis op Rabais fir eise President de Jeek héich liewen ze loossen. Dëst Joer huet de Raymond, nodeems Hien dat leschte Joer nëmme Luef fir säi gelongenen Ierbsebulli kritt hat, sech erëm bereet erklärt eis d´Zopp duerzereechen an de Jeek spendéiert och erëm Pain surprise, Taarten an de Kaffi, genee esou wei Hien dat ëmmer fir eis mécht ewell mir Hien dann och héich liewe loossen an Him esou munnech Nidderträchtegkeet no gesinn.